N°1651
Entrée le 16.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**Äntwert vum Kulturminister Eric Thill op d'parlamentaresch Fro n° 1651 vum 11. Dezember 2024 vun den Honorabelen Deputéierte Mars Di Bartolomeo a Franz Fayot**

- **Wéi vill a wat fir vergläichbar Decouvertë goufen an deene lëschten 10 Joer bei archeologeschen Ausgruewungen zu Lëtzebuerg gemaach?**

  Eng vergläichbar Decouverte (réimesch Goldmënzen déi komplett ausgegruewen, dokumentéiert an ausgewäert goufen) gouf et zu Lëtzebuerg an där Gréisstenuerdnung an an engem onberéierte wëssenschafftleche Kontext nach net.

- **Wéi vill vun dësen Objete sinn zu wat fir Konditiounen an de Staatsbesëtz iwwergaangen?**

  De Stat huet all déi 141 Mënzen opkaaft esou wéi d'Denkmalschutzgesetz vun 2022 et a sengem Artikel 15 virgesäit.

- **Wéi vill vun dësem Objete sinn aktuell schonn fir d'Ëffentlechkeet zougänglech?**

  Dës Mënze ginn op enger sécherer Plaz versuergt a wäerten an den nächste Méint vum Institut national de recherches archéologiques (INRA) analyséiert an dokumentéiert ginn. Detailer iwwert eng méiglech Veröffentlechung sinn de Moment nach net disponibel.

Lëtzebuerg, de 16. Dezember 2024

De Kulturminister

(s.) Eric Thill